Projet Jippelcher (27. Mäerz – 7. Abrëll 2017)

Zesumme mat dem Klengdéierenziichterveräin aus der Schëtter Gemeng huet d'Schoul e Projet „Jippelcher“ organiséiert.

Zënter e Méindeg waarde mir mat Spannung drop, wat am Brutkasten geschitt.

En Dënschdeg war et esou wäit. Déi éischt Jippelcher sinn aus hiren Eeër geschlüpft an d'Begeeschterung bei de Kanner an den Enseignanten ass grouss!

Sou bal déi kleng Déiere ganz dréchen a staark genuch sinn, gi si vum Brutkasten eriwwer an e waarmt Gehege gesat, wou jidderee se gutt beobachte kann a si gutt versuergt sinn.

An eiser Bibliothéik ass eng Bicherausstellung mat flotte Bicher iwwert d'Thema *„Eeër, Jippelcher & Hénger“*

Ausserhalb vun de Schoulzäiten kann een de Jippelcher duerch d'Vitrine vun der Schoulbibliothéik nokucken.

Kommt einfach bis laanscht!

Eise Projet leeft bis Freides virun der Ouschtervakanz!